

Wéi presentéieren sech d' Referendumsprozeduren, nom Knéck vun der CSV?

D'Situatioun vun deene parallele Méiglechkeeten, déi duerch dee Knécks vun der CSV entstanen ass, ass net einfach ze duerchréngen.

Déi legal Prozedur gesäit nach ëmmer follgendermoossen aus:

- 1) Iwwert de Wee vum Vollek:
 - 5 walberechtigt Bierger, déi sech an engem sougenannte "Comité initiateur" zesummefannen, schreiwen dem Premier ënnerhalb vun zwou Wochen no der éischter Ofstëmmung.
 - Wann de Bréif keng Formfeeler enthält muss de Premier d'Petitioun accordéieren an en Delai festsetzen.
 - Ënnerhalb vun deem Delai musse 25.000 walberechtigt Lëtzebuurger perséinlech op der Gemeng ënnerschreiwe, fir de Referendum ze froen.
- 2) Iwwert de Wee vum Parlament:
 - 16 Deputéierte froen de Referendum spéitstens zwee Méint no der éischter Ofstëmmung beim Chamberspresident un.

Déi politesch Prozedur gesäit awer lo follgendermoossen aus:

- Wa 25.000 Leit (de Claude Wiseler huet vu "groussjäreg Petitionnaire" geschwat), d'Petitioun 2007 bis zu hirem regulären Enn vum 8. November inclus ënnerschreiwen, wäerten déi 21 CSV-Deputéierten d'Demande vum Här Fernand Kartheiser ënnerstëtzen, fir déi zweet Ofstëmmung (zu all Kapitel) duerch e Referendum ze ersetzen.

Dës Wendung huet lo souwuel positiv, wéi negativ Konsequenzen.

- 1) Positiv:
 - Wann d'Petitioun 2007 déi 25.000 Ënnerschrëfte sollt erreechen, hätten d'Leit et hannert sech. De Risiko, datt si véier Mol missten ënnerschreiwe goen, wier vum Dësch.
- 2) Negativ:
 - D'Leit ginn nach méi duercherneen.
 - Eng Demande fir e Referendum iwwert de classesche, virgeschriwwene Wee hätt ganz schlecht Kaarten, well se mat der Petitioun Nummer 2007 géif konkurréieren.
 - Wann d'Petitioun 2007 versträicht, ouni déi 25.000 Ënnerschrëften bäi en een ze hunn, géifen d'Chance psychologesch ganz schlecht stoen, fir datt nach 25.000 op d'Gemeng ënnerschreiwe ginn.

Oppe Froen:

- Den Här Wiseler huet bei senger Interventioun an der Chamber, déi uewen zitéiert Aschränkung vu 25.000 Groussjäreg virgeholl, well eng Petitioun um Zitt vun der Chamber vu jidderengem dierf ënnerschriwwen ginn, deen iwwert eng lëtzebuergesch Matrikulesnummer verfüügt an op mannst 15 Joer al ass. Et existéiert aktuell awer keng gesetzlech Basis, fir sou Informatiounen op eemol

separat iwwerpräiwen ze loossen. Dëse Schratt wier ausserdeem problematesch, well en net vun Ufank un ugekënnegt war.

Mir ruffen duerfir jiddereen dozou op, d'Petitioun Nummer 2007 ze ënnerstëtzen an ze verbreedden, fir, datt déi ganz Prozedur lo awer sou einfach wéi méiglech iwwert d'Bün geet, awer sech doriwwer raus och ze bedeelegen, wann d'Ënnerschrëften op der Gemeng gesammelt ginn, fir datt et ganz sécher zu engem Referendum kënnt.